ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg ginn et verschidden Ubidder vu Stroum. Laut mengen Informatiounen däerfe verschidde vun deenen Ubidder keen Stroum zu Lëtzebuerg akafen, hei gesäit et esou aus, ewéi wann d'Enovos deen eenzegen ass, deen dat däerf. Wat de Reseau vun der Stroumverdeelung ugeet, do huet jo am Prinzip d'Creos de Monopol, wat jo, am Fall wou déi genannten Informatioune stëmmen, géint de System vum fräie Maart ass.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Energieminister:

1.) Sinn déi uewe genannten Informatioune korrekt?
2.) Wa jo, firwat däerfe verschidde Stroumubidder zu Lëtzebuerg kee Stroum hei am Land akafen? Op wéi eng gesetzlech Dispositioune berifft sech dës Reegelung?
3.) Duerch wéi eng gesetzlech Dispositiounen ass et ze rechtfäerdegen, datt d'Creos de Monopol um Reseau vun der Stroumverdeelung huet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten